PHOTO CLUB GEMENG SUESSEM

Eis Aktivitéiten vum 6 Mäerz bis 24 Abrëll 2023

Méindeg, den 6 Mäerz um 19:30 Auer an eisem Sall am Centre Culturel Metzerlach

PHOTO-Talk

Denkt drun är Fotoen an der richteger Gréisst am jpg matzebréngen !!
Gréisst vum Bild: max Breet: 1920 px, max Héicht: 1080 px.
Max Gréisst vum Fichier: 1 Mb.
Net vergiessen ären Numm als Copyright an d'Bild ze sëtzen **an se och richteg ze benennen: also Nummer_Familiennum Virnumm (zum Beispill 1_Musterman Germain)**

Freides, den 10 Mäerz um 18:30 Auer
Assemblée Générale 2023
Kultur- a Geschichtshaus "A Gadder"
10, rue de France L-4446 Belvaux

Detailer an Invitatiounen zou eiser Generalversammlung schécken mir sou séier wéi méiglech un Memberen an Vertrieder vun der Gemeng.
No der A.G. géife mir den Rescht vum Owend gemittlech zesummen verbréngen, och dozou kritt dir Détailer geschéckt



Méindeg, den 13 Mäerz um 19:30 Auer an eisem Sall am Centre Culturel Metzerlach

Bild-Beaarbechtung

Dësen Owend kéint dir ären Lap-Top matbréngen an direkt live déi verschidden Techniken probéieren. Mir sichen eng Foto eraus déi jiddereen krit, sou dass mir all Méiglechkeet hunn um selwechten Bild ze schaffen.
Wann dir kee Lap-Top hutt ass et awer sécher intressant nozekucken wat Resultat ass vun deen verschidden Techniken.

Méindeg, den 20 Mäerz um 19:30 Auer an eisem Sall am Centre Culturel Metzerlach

Ringlight Shooting mat Model

Mir bauen ee Set ob fir Portrait's Fotoen vun engem Model. Dir sidd all invitéiert ären Model fäerdeg gestylt (Make-up, Coiffure an Kleeder) matzebréngen sou dass mir direkt mam shooting starten um 19:30.



Méindeg, den 27 Mäerz um 19:30 Auer an eisem Sall am Centre Culturel Metzerlach

Ringlight Fotoen verschaffen

Jiddereen deen den 20 Mäerz Fotoen gemaach huet, kann 1-2 matbréngen, mir verschaffen dann zesummen verschidden Fotoen, onbedéngt äre Lap-Top matbréngen fir selwer direkt un der Foto ze schaffen.

Mettwoch, den 29 Mäerz am Festikuss um Scheierhaff

Daag vun de Minettfrënn

Mir stellen den 29 Mäerz eise Club fir um Dag vun de Miinettfrënn.
Mir waarden nach ob Detailer vum Organisateur, soubal mir déi hunn schécken mir se iwwer mail. Jiddereen deen hëllefen kann ass wëllkomm.

Méindeg, den 3 Abrëll um 19:30 Auer an eisem Sall am Centre Culturel Metzerlach

PHOTO-Talk special, RAW vum Tram

Iwert dëse **LINK** kënnt dir iech eng RAW-Datei eroflueden. Dir sollt är Fantasie spillen loossen an dëst Bild esou verschaffen wéi dir dat am beschten fannt. Bréngt déi Foto an awer och gär nach aner Fotoen mat, sou wei gewinnt am jpg, an an der richteger Gréisst !

Méindeg, den 10 Abrëll ass Ouschter-Méinden, do ass keng Versammlung

Méindeg, den 17 Abrëll um 19:30 Auer an eisem Sall am Centre Culturel Metzerlach

Shooting am Studio mat Aquarium

Fir mat Waasser an Faarwen kreativ ze sinn gin et bal keng Grenzen.
Et kann een mat Waasser Biller maachen déi schonn bal surrealistesch sinn. An och mat Sprudel kann een der Fantasie freie Laf loossen.

Méindeg, den 24 Abrëll um 19:30 Auer an eisem Sall am Centre Culturel Metzerlach

Verschaffen vun den Aquariums-Fotoen

Wee ganz fläisseg war kann seng verschafften Fotoen schonn mat-bréngen. Mir sichen awer och eng Foto eraus déi mir dësen Owend zesummen verschaffen